

Da fuert elo duer!

Dat versteet kee baussent eisem Sproochraum. Dës Iwwerschrëft weist kloer, datt d'Lëtzebuergesch och en eegent (oniwwersetzbar) Liewe féiert a plazeweis wäit iwwer en „däitschen“ Dialekt erausgeet; et ass en „Idiom“ fir sech, d'griechesch Wuert fir „Sprooch“!

An deer ganzer „**Petitionerei**“ **rondrëm eis Sprooch** gëtt et mat Sécherheet en etlech gutt Elementer: Wäit iwwer 20000 Leit hu sech „geréiert“! Fir oder géint dëst oder dat; bei dëser Saach ass et vrun allem wichteg, datt iwwerhaupt verstane gëtt, datt d'Sprooch vum Land net „kal“ léisst. **Et muss ee sech emol virstellen, wéivill Leit näischt schreiwen, scho guer net, wou den Numm muss dohannert stoen** ... an dann déi, déi souwisou guer näischt mat „Computer & Co“ ze dinn hunn ... da kimme mir op zeg-Zéngdausenden!

Mir erliewen dann elo „endlech“, datt déi demokratesch Autoritéite vum eisem Land sech rësele wéi de Mupp, deen aus dem Waasser klëmmt. **Elo op eemol hunn der eng Partie vun eise Politiker vun alle Faarwe geroch, datt een ower eppes mam Lëtzebuergesche misst/soll kënnen maachen** ... an natierlech och, datt et dësen Hierscht (fir d'Gemengen) an 2018 (fir d'Chamber) erëm „eescht“ gëtt. Egal wéi, et schéngt dach ower och **eng giedeleg Zäit fir eis Sprooch** ze ginn. Ouni äis eng extra Dunn op de Kapp ze setzen, därfe mir „mengen“, eis Publikatioun EIS SPROOCH AN D'CONSTITUTIION wier bei en etleche Politiker net iwwel ukomm; si hunn se, grad ewéi eis Membren, alleguer kritt ... an si ass och nach ëmmer fir iech do!

Mir si **paff, wéi schätzeg sech elo an de kompetente Ministèren eppes fir d'Lëtzebuergesch an der Schoul, fir d'Gemengen, den allgemenge Gebrauch vum Lëtzebuergeschen soll maachen**. Den Här Staatsminister huet esouguer e speziell „Commissariat“ fir d'Lëtzebuergesch proposéiert ... eng formidable Saach ... wann se richtig ugepaakt gëtt an net „administrativ verdrécht“. Mir hunn z. B. **zënter Joerzénge eng Sproochsektioun am „Institut grand-ducal“**; do huet, nodeem 1972 dee 5-bännegen Dictionnaire (bal „incognito“) eraus war, sech praktesch näischt méi **fir d'Sprooch selwer** geréiert. Deen Deel vum „Institut“ huet dann och nach e glënneregen Numm: *Section de linguistique, de toponymie et de folkore*. Éierlech: ass dat dann naaischt? Haut net méi.

Zënter engem Robert Bruch, deen zolitt wëssenschaftlech Publikatiounen iwwer eisen Idiom erausginn huet; zënter de wëssenschaftlechen Aarbechte vum Fernand Hoffmann, dem Henri Klees an dem Heng Rinnen hiren „dictionnairesche“ Sammlungen iwwer Planzen an Déieren, ass **näischt geschitt, dat eiser Sprooch do gehollef huet, wou si lieft an otemt: bei de Leit!** Ganz einfach „Saachen“, wéi eis Uertschafts- a Stroossennimm; Propositione fir Familljenannoncen oder Publicitéitstexter, Veräinsschreiwereien asw., dat war alles net „blénkeg“ genuch, zevill „trivial“, hat keng luinguistesche „Relevanz“. Vun „Toponymie“ ... näischt; mä dee griecheschen Ausdröck mécht ower gutt, och wann et sech einfach ëm d'Flouernimm an de Kadaster dréint ... dat hu mir da vrun enger Dose Joere mam Kadaster an hirem fréieren Direkter Patrice Schonckert rondrëm ronn 40 000 Stroossen- a Flouernimm op de Leescht geholl ... ganz „privat“, onwëssenschaftlech, ower et huet gedéngt ... de „suivi“ (z. B. op Plakate fir eng Stee, oder Berodung fir nei Stroossen-, Résidence- oder Quartiersnimm) gëtt eng fein Aarbecht fir dee fuschneie Commissaire fir eis Sprooch!

Sou kleng „Kniwwelereie“ wéi z. B. an der RTL-Sonndeszeitung/Kultur/Sprooch (mir sinn do bei der Nummer 387) sinn net vu Muttwëll fir eng ganz Hatt voll Idien am neie Staats-Service; net emol ze schwätze vu ronn 24 Joer KLACK fir eis Sprooch (hei d'Nr. 228), déi e gellege „Wullkuerf“ fir offiziell Intressen um Lëtzebuergeschen ass. Datt bis elo nach keen sech – weder um Telephon, nach um Mail – bei deer „Quell“ geréiert huet, ass dach ower eng Grimmelche „gelungen“, oder? Ass ower net weider tragesch. Der Mohr wird seine Schuldigkeit weiterhin tun; vrun allem gratis!

Zolitt Lëtzebuergesch?

Wann een sech eng Grimmel **Suerge ëm en zerguttstert Lëtzebuergesch** mécht, heescht et jo dacks, eng Sprooch wier jo **sooss näischt wéi e Communicationsmëttel**; wann een dat giff zevill genee kucken, da wier een e „Purist“, en „normativen Ierbëssenzieler“ ... wat natierlech iergendwéi op „konservative Fanatiker“ erauskënnt. Ganz falsch ass dat Gemierwels natierlech net ... mä et schéngt engem dach en „Tick“ ze einfach/simplistesche. No deem Prinzip schäfe mir dann a jidfer Sprooch déi/dat of, wou d'Sprooch eng wichteg Roll spillt: de Victor Hugo an de Camus op de Späicher; de Walsen an de Böll an de Schapp; de Marc Twain an den Hemingway op den Tipp; mir loosse egal wien a wéi am „Monde“ oder dem „Point“, der „Süddeutschen“ an dem „Spiegel“, der „Times“ an der BBC drun.

Genee hei kann ee fir d'Lëtzebuergesch op de Rodange, den Dicks, de Lentz, de Marcel Reuland, den Tit Schroeder, de Paul Noesen, de Pier Kremer, den Norbert We-

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

ber, de Jos Hess, den Alain Atten, de Pol Pütz an eng Hatt voll aner Schreiwerte weisen, déi **all op hir Fassong e Modell fir jidferree** gi sinn, deen sech en éierbart Lëtzebuergesch wëllt „eranzéien“ ... grad déijéineg, fir déi eis Sprooch am Fong hirt „Handwierksgechie“ soll sinn. Also Presse-Leit!

E Kullang

Mat dësem Wuert ass eis Sprooch meilwäit vum Däitschen ewech; et ass éischer eis typesche Verdrudels vu Franséisch (couler); „*Rinne*“ a „*rinnen*“ huet ower och guer näischt domat ze dinn. **Et gëtt méi Zorte „Kullang“**: z. B. dee laanscht den Daach – no deem eng Kaz iwwerengs och nach am Spaass „Kullangshues“ genannt gëtt. Dann hu mir de Kullang laanscht d'Strooss ... vläicht erënnert deen een oder aneren sech nach drun, datt et e Kannerspill guff, dat (wéinst dem Lafe vun deer enger op déi aner Säit vun der Strooss) da **„vu Kullang zu Kullang“** geheescht huet ... wéi d'Autoen nach méi rar waren. Wie kennt net de „Kullang“ ënne rondrëm e Boxebeen? Oder dee verfluchte „Kullang“ beim Keelespill. Net ze vergiessen dee „Kullang“ bei enger Madämchen, déi e bësse wëllt „weisen“. Wat ass eis Sprooch ower aarm, gellid ... wann een se net kennt. An **dat, wat een net kennt „al/museal“ vernennt**.

An dësem Zesammenhank hu mir nach en Ausdröck, deen sech ëm de Rouer dréint, duerch deen d'Waasser vum Kullang erfogelaf ass: dat ass **de „Kondel“**, mat deem typesche franséischen Nuese-Laut (Nasal) „on“ ausgeschwat. Et ka sinn, datt déi Saachen a verschiddene Géigenden oder Uertschaften anescht ausgeschwat oder eng Grimmel verdréint ginn ... do vun engem eegenen Dialekt schwätzen, ass ower zimlech iwwerdrüwen.

Franséisch, LOGESCH!?

Wat guffe mir am Franséische mat Saache geplot: den „s“ an den „x“ beim Pluriel, apaart och bei den zesummesate Wieder; **deen zackerdjessen „accord du participe passé“**; dee verlouderde „*subjonctif*“ oder déi esou loogesch onregelméisseg Verben; déi kniwweleg Knätzele vu Präpositionen (sur, de, à); allméiglech Zorte vun Accentën; déi queesch „*cédille* (ç)“ asw. Et ass ower – mat eenzelen oder duebele Sträpp – bei deene meeschte gaang! Wäit iwwer deene ville „Schwieregkeeten“ am Lëtzebuergeschen.

Mä wat sot dir dann haut, wann et heescht: Je pars à Paris/aplaz **de Luxembourg pour Paris** ... parce que quand je suis à Paris, j'y pars (de là) pour ... Marseille! Dat war mat deene richtege Präpositione gutt ze verstoen ... a logesch, oder? Et schéngt och ewell bal egal ze sinn, ob ee „**merci POUR**“ oder „**merci DE**“ seet ... dat eent steet ower fir EPPES (e Substantiv), dat anert virun engem Verb: *Merci pour le cadeau; merci de m'avoir fait un cadeau*. Richtig oder ... falsch?

„Pont-Rouge“ ... watglift?

Da kann och keng nei Trams-Halt esou genannt ginn; **entweder „Pont Grande-Duchesse Charlotte“ oder „Rout Bréck“** – well mir jo keng Bréck esou nenne wéi si „offiziell“ heescht (Nei Bréck/Al Bréck/Schlassbréck asw.). An dësem Sënn hunn de President an de Sekretär vun der Actioun-Lëtzebuergesch e ganz héifleche **Bréif un d'Madame Buergermeeschter an déi verantwortlech Leit vum neien Tram** geschéckt: Fir datt do, wou e lëtzebuergesch-bekannt Numm fir eng vun de Statiounen besteet, déi dann och – **am Numm vun eisem „Luxembourg Branding“** – solle gebraucht ginn. Bei de **Bus-Halten** ass dat jo op ville Plaze flott gaang; firwat net och fir den Tram?

An d'Sprooch selwer?

Natierlech si mir frou, datt den Tunn Meyer **1829 dat alleréisch Bichelchen an senger Mammesprooch erausginn huet ... 38 Säiten** 😊. Mir sinn och houfreg op „eise“ Lentz, den Dicks, de Rodange den Diederhofen, de Gangler, déi viru méi ewéi 150 Joer gewisen hunn, **datt sech mam Lëtzebuergeschen „eppes ufänke léisst“**. Mat hirer Leeschtung kënnten „eiser Leit“ wéi de Marcel Reuland, den Tit Schroeder, de Jos Keup, de Pol Noesen, de Robert Bruch, den Norbert Weber, de Pol Greisch, Manderscheid a Rewenig, Pütz oder Jeanine Theis-Kauth asw. sech ganz roueg iwwer eis Grenzen eraus weise loosse, *toute proportion gardée*.

Et schéngt engem ower **bosseg, datt praktesch kee vun hinnen sech apaart Suerge fir d'Substanz vum Lëtzebuergesche Suerge gemaach huet, also fir d'Sprooch selwer**; mä dat kënnt kloer dovun, datt si d'Lëtzebuergesch ganz normal „am Grëff/Gespier“ haten ... just den Dicks hat dem „Lentze Mich“ emol eng Kéier de Baart gemaach, well hie fonnt huet, den Dichter vum eisem Nationallidd wëllt heiansdo zevill „feierlech“ ginn: *Kuck, wou s de stees a wien s de bass; den Zolverknapp ass kee Parnass!* Wat giffen hien an all déi „aner“ haut vun deem sëlliche „schlechten Däitsch“ soen, dat sech op esou vill Manéieren hei breet mécht?!